N° 5766
Reçue le 16.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

**Äntwert vum Wunnengsbauminister op d'parlamentaresch Fro n°5766 vum 15. Februar 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend « projet de logement au centre de Pétange ».**

Dësen Terrain vu 5,5 ha ass 2017 vum Staat fir 8,6 Milliounen € vun Arcelor Mittal opkaaft ginn, mam Zil um Site e Quartier mat Wunnengen z'entwéckelen.

Et handelt sech beim Site em eng Industriebrooch, déi am Moment un d'Gemeng Péiteng verlount gëtt.

Aktuell sinn eng Rei Etuden ëmgesat ginn, fir méi präzis de Kontext vum Site ze analyséieren. Dobäi huet sech ënnert anerem erausgestallt, dass den Ënnergrond ob däser Plaz onstabil ass an zousätzlech Aarbechten noutwendeg wäerte sinn, fir d'Fondatioune vu de Gebaier ze stabiliséieren.

De Site ass zwar un den CR175 ugebonnen, mee doriwwer eraus momentan schlecht erschloss. De Gabarit vun der Strooss ass vu Péitenger Säit kommend extrem ageschränkt duerch d'Brécken ënnert der Eisebunn, a momentan fir de Schwéierverkéier am beschten iwwert e laangen Ëmwee, vun Nidderkuer kommend, ze erreechen.

Ausserdem ginn et staatlechersäits Iwwerleeungen, de Stroossereseau och am Raum Péiteng/Déifferdeng fonctionnel ëm ze klasséieren. Doduerch sollen notamment d'Haaptachse gestäerkt an d'Uertschafte vum Schleichverkéier entlaascht ginn. An dem Kontext wier et méiglech, d'Ubannung vun dësem Site wesentlech ze verbesseren, andeem z.B. déi aktuell Eisebunnsënnerféierung duerch méi e groussen Ouvrage géing ersat ginn. Ausserdem kéint eng bestoend Ubannung un de primäre Stroossereseau westlech vum Site ausgebaut ginn.

Zousätzlech misst eng Héichspannungs-Stroumleitung verluet ginn, ier de Site kann entwéckelt ginn.

Ob dësem Site kéinten à Terme a jee no urbanisteschem Projet tëscht 350 à 400 Wunnengen entstoen.

Lëtzebuerg, den 15/03/2022.

De Wunnengsbauminister,
(s.) Henri Kox

4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84819
Fax (+352) 247-84840

www.gouvernement.lu/mlog
www.logement.lu